

STUDENTEBAL

LEBEB15

A white cartoon character with a smiling face, wearing orange-rimmed glasses with cross-shaped lenses. The character is positioned between the words 'LEBEB' and '15'.



04

WAT ASS D'ACEL?

Mir sinn d'Studente vu Lëtzebuerg, déi sech a 44
Cerclen ronderëm d'Welt zesummefonnt hunn ...

10

REEL INTERVIEW

Wéi all Joer hunn mir dëst Joer och erëm e vollen an of-
wieslungsräiche Programm mat flotte Visiten, ...

18

STUDENT FIR 1 DAG

Als Lycéesschüler 1 Dag liewe wéi e Student, entdecke
wéi et ass, op der Uni a Couren ze goen an eng ...

22

TOURNOI DE NOËL 2014

Den „Tournoi de Noël“, gëtt all Joer am Dezember vun
der ACEL an der LASEL organiséiert. Hei trieden ...

INTERCERLEN

- 08** Après-Ski Party zu Fribourg
- 09** Route du Vin
- 16** Edelweiss-Express
- 17** Swissscup
- 17** Päischtweekend zu Wien
- 20** Saufest
- 21** Bonnympiade 2015



EDITEUR

ACEL · BP 63 · L-7201 Bereldange
contact@acel.lu · www.acel.lu
Tel · 691 420 539

REDAKTION

Eliane Klein
Tom Boes
Fränz Friederes

GRAFIK, LAYOUT

Fränz Friederes

OPLAG

200 Exemplarer

DROCKDATUM

29. Juni 2015

AATZÉL ASSEL

D'ACEL? Wat dat ass? Mir sinn d'Studente vu Lëtzebuerg, déi sech a 44 Cerclen ronderëm d'Welt zesummefonnt hunn fir Studenten zesummen ze bréngen, z'informéieren, an ze representéieren.

ACEL SITE
ABOUT



Aus engem Grapp voll engagéierte Studenten, déi 1984 decidéiert hunn sech zesummen ze doe fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem lëtzebuerger Studentemilieu ewech ze denken ass.

Vill lëtzebuerger Studente maachen hiert Studium am Ausland. Dëst ass eng eenzegaarteg Situatioun, déi grouss Virdeeler mat sech bréngt. D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois, d'ACEL vertritt haut net manner wei 44 Studentencercelen déi duerch d'ganz Welt verspreecht sinn. Clubmembere vun der ACEL fënnt een also iwwerall, sief et an der Belge a Frankräich, an Däitschland, England, an der Schwäiz, an den USA. Nieft dëse 44 Cercle sinn och nach 5 fachspezifesch Cercle Member vun der ACEL (Medeziner, Economisten, Juristen, Psychologen an d'Ingenieuren). Dëst mécht d'ACEL zum Représentant vu ronn 10.000 Studenten an domat zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.



JE N'ÉTUDIE PAS
UNIQUEMENT
MON LOOK



Pour garder votre look et faire de vos études
une réussite.
Pour les étudiants de **18 à 30 ans** : conditions
et infos sur **axxess.lu**

axxess UNIF

100% JEUNE. 100% VOUS.



SPUERKEESS

ZESUMMEBRÉNGEN D'Réunion Européenne des Etudiants Luxembourggeois versammelt all Joer knapp 150 Lëtzeburger Studenten an enger europäescher Studentestad. En anert grousst Event ass de „Studentebal“. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddeenen europäesche Studentestied zesummen. Zum Regroupement vu Studenten gehéieren natierlech och déi sëllegen Intercercelen an den Tournoi de Noël.

INFORMATIOUN Studenten an zukünfteg Studenten informéieren ass enorm wichteg fir d'ACEL. Dofir kommen all Joers zwee Guiden eraus, déi Schüler a Studente bei hiren Decisiounen hëllef sollen. Dëst sinn de „Guide du Futur Etudiant“ an de „Guide du Futur Diplômé“.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lycéeën fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren. D'ACEL an hier Membercercelen sinn och all Joer op der „Foire de l'Étudiant“ vertruede fir den zukünfteg Studenten sou gutt a sou vill wie méiglech nëtzlech Informatiounen mat op de Wee ze ginn.

REPRESENTATIOUN

D'ACEL vertritt de Student vis-à-vis vun den Autoritéiten a verdeedegt hier Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren ënner anerem mam Ministère fir Héischschoulbildung a Forschung. Och d'RE-EL gehéiert zum Pilier vun der Representatioun. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och Studenten am Ausland bei Problemer mat Behörden.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht dass mir keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertrieben. Dat ass extrem wichteg well mir eisem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëlle gerecht ginn.

Wat geschitt wann zwee vun eise Cerclen am Ausland openeen treffen? An der ACEL gëtt dëst Phänomen „Intercercle“ (IC) genannt. Hei ass Plaaetz fir kulturell, wei sportlech Aktivitéiten an den een oder aneren Drénksproch.

ACEL BLOG
5. MEE



APRÈS-SKI PARTY ZU FRIBOURG

Um 18 Auer sinn déi éischt Léit am Gaart vum Centre Fries empfaange ginn, wou si eng wonnerpräschteg Vue iwwer d'Alstad vu Fribourg genéissee konnte. D'Studente si gutt mat Béier, Sangria, Willi mat Birne an Gegrilltem versuergt an eise lëtzebuerger DJ huet mat beschter Après-Ski Musik d'Stëmmung weider klamme gelooss.

Mat ronn 70 Leit, dovunner 24 aus 9 anere Cercle wéi dem Friblätz, war d'Bud gutt gefällt. Virun allem eis Lausanner Noperen hunn eis Invitatioun zahlräich ugeholl a souguer e puer Schwäizer si laanscht kucke komm. Nei Kontakter sinn entstan, d'Leit hunn sech kennegeléiert an al Kollegen hu sech erëm gesinn. Et ass gedantz, gesongen a gedronk ginn, kuerz: de Bam huet gebrannt!





ACEL BLOG
7. JUNI



ROUTE DU VIN

Den éischte Stopp war zu Voegtlinshoffen beim Joseph Cat-tin, wat schon net esou einfach ze fanne war mat all senge Bridder a Cousinë, déi och Wënzer am nämmlechten Dierfche sinn... Eise Wënzer huet awer direkt gesi wéi duuschteg mir all waren an huet direkt mat der Degustatioun ugefang. D'Karlsruher Ingenieure ware vun de moderne Maschinne begeeschtert. Nodeems gudd Akaf ginn ass, ass d'Rees weider op Husseren-Les-Châteaux an de Restaurant gaangen.

Während déi eng nach déi eng oder aner Wäifläsch geknackt hunn, hunn e puer Münchener de Spilleck entdeckt an d'Zäit esou erëmkritt. Nodeems e puer Pfeffer- an Zockerfliegeren duerch de Sall geflu sinn an d'Personal ëmmer méi genervt vun de Leit war, gouf natierlech och nach een Dësch an d'Lut gemaach.

Zeréck am Bus op Eguisheim, war ee Passagéier méi u Bord, e Léif huet missen aus dem Restaurant gerett ginn a wollt onbedéngt mat Wäischmaachen an op d'Foto.

A group of approximately ten young men and women are posed in three rows for a formal photograph. They are dressed in formal attire, including suits, ties, and dresses. The background features a white wall with a large arched window and a staircase with a dark railing on the left. The text 'REEL COITÉ' is overlaid in large white letters across the bottom half of the image.

REEL COITÉ



2015

**Wat erwaard den
REELaner dann
zu Tréier?**

Wéi all Joer hunn mir dëst Joer och erëm e vollen an ofwieslungsräiche Programm mat flotte Visiten, interessanten Diskussionsen, Virträg, an guddem lessen. Also alles an allem gëtt et eppes fir d'Aen, fir de Kapp, fir de Mo an och fir d'Liewer.

**Wat mëscht fir iech
de Charme vun
Tréier aus?**

Tréier ass déi eelsten Staat an Däitschland an dat erkennt een och un deene sëllegen réimesche Gebeier. Mat ville klenge Caféen an lessensméiglechkeeten ass Tréier ausserdem interessant fir all Student. Wéi et sech fir eng Miseler Metropol gehéiert ginn et zu Tréier vill Wäifester, wou och mol deen een oder aneren Patt Wäin gedronk gëtt. An der Gebuertsstaat vum Karl Marx, wou och den Guildo Horn d'Lafen geléiert huet, léisst et sech als Student gutt liewen.

INTER

RVIEW

Doduercher datt déi meescht Lëtzebuerger schon zu Tréier waren an sech hei auskennen, kommen vill REELaner mat nidderegen Erwaardungen un d'Staat op Tréier. Dofir wëllen mir mat eisem Programm de Leit en neien Abléck verschafen. Ausserdeem wäerten mir dëst Joer net nëmmen mam Bus ënnerwee sinn, mee och déi eng oder aner Streck mam Schëff oder zu Fous zeréckleeën. Doduerch wäert een dann nach méi vun der Stad gesinn.

Ier dir är Valise paakt sollt dir an ärem Kleederschaf op d'Sich no Relikten aus den 80er an 90er Joren goen. Dës Kleeder duerft dir op keen Fall vergiessen anzepaaken. Vergiesst och net d'Fudder fir den Dr. Bibi anzepaaken, ganz wichteg!

**A wat ënnerscheed
dës REEL vun
deen aneren 30?**

**Wat däerf een op kenge
Fall vergiessen wann
een op d'REEL
zu Tréier kënnt?**



D'LËTZEBUERGER #ZesummeGeintDe

ACEL BLOG
28. MÄERZ



Wéi ugekënnegt ass d'ACEL de Weekend vum 28. Mäerz beim Relais pour la Vie dobäi gewiescht fir mat hiere Memberen en Zeechen ze setzen.

39 vun eise Studenten hunn sech an engem Grupp zësummefonnt fir mat iwwer 10'000 weideren Partizipanten solidaresch géint de Kriibs ze laafen. Dëst 23 Stonnen um Stéck – d'Auer gouf an der selwechter Nuecht geréckelt.



STUDENTEN

Kriibs





ACEL BLOG
7. JUNI



EDELWEISS-EXPRESS

Och 2015 huet den Ebbelwoiexpress 3.0 de lëtzebuerger Studenten en onvergiessleche Weekend zu Frankfurt gebueden. Zousätzlech zum Numm "Kappweiexpress", nom Gedanken an Empfannen vum Ouschi, gouf den alen Tram dëst Joer zum "Edelweiss-Express" nom "Jos, Mops oder och nach Kevin Mousel genannt", gedeeft.

No engem traditionellen Tour laanscht vill Attraktiounen si mir an der Wirtschaft ukomm, prett vir déi bekannte Frankfurter "Grüne Soße". Déi léif Serveuren mat Spëtznim Dick&Doof konnten sech net tëscht Bewonnerung a Roserei eis géigeniwwer entscheiden. Mat ambivalente Gedanken sinn d'Studenten Richtung Alt-Sachs weidergezunn.



SWISSCUP

Döst Joer hun d'Meedcher kee Fussball geinteneen gespillt, mee Uni-Hockey. Lausanne wor de Gewenner. Beim Volleyball woren d'Sportler zwar midd, mee d'Supporteren vun Lausanne, Zürich, Fribourg an Sankt Gallen hunn fir déi néiged Stimmung gesuergt. Hei konnten dann d'Fribourger Studenten hier éischt Victoire vum Tournoi féieren. Geint 17h00 war den Tournoi dun eriwwer, an d'Coupen goufen verdeelt.



PÄISCHTWEKEND ZU WIEN



Eurovision Song Contest, Päischten, verlängerten Weekend. Aus dësem Grond huet den LSW décideiert eng Woch nom Saufest nach een Interccerle unzebiden. Gutt, dass d'Oochener Studenten hir alljährlech Kulturrees döst Joer op Wien geplangt haten. Zweek Owender goufen zësumme verbruecht: Freides Owes sinn puer LSW Léit mat den Gäscht an den Travel Sack gaangen, de Samsten hu mir eis zu 35 Persounen am Hofbräuhaus getrafft.

Als Lycéesschüler 1 Dag liewe wéi e Student, entdecke wéi et ass, op der Uni a Courren ze goen an eng Unisstad zesumme mat Studenten entdecken. Dat alles erméiglechen engem d'ACEL an hire Membercerclen.

ACEL BLOG
19. MÄERZ



Wou ass d'Bibliothéik? A wei engem Gebai fannen ech d'Sekretariat? Schmaacht d'Pizza hei genee esou gutt wéi doheem? A wou fannen ech ee flotte Café fir Owes ee bëssi ofzeschalten? Dës an nach vill aner Froe stellen sech Joer fir Joer eng Réi

Schüler déi de grouse Sprong op d'Uni woen. Fir déi zukünfteg Studenten esou gutt wei méiglech op hiren neie Liewensofschnëtt virzebereeden an hinnen déi néideg Informati ounen ze liwweren huet d'ACEL och dëst Joer nees säi Projet « Student fir 1 Dag », an Zesummenaarbecht mat Voyages Emile Weber an de verschiddene Studentecercelen, organiséiert. Während der Ouschtervakanz goufen dëst Joer Dagesreesen op Köln, Kaiserslautern, Stroossbuerg, Karlsruhe, Saarbrécken, Oochen, Bonn an Léck ugebueden. D'Ziel ass et de Schüler op der Platz d'Uni, de Campus mä awer och d'Stad selwer vun aneren lëtzebuergeschen Studenten weisen an er-

klären ze loossen. Sou stoung bei all Rees eng Visite vun der Uni, vun deene wichtegste Gebaier vum Campus, z.Bsp de Café an den Hörsaal, um Programm. Op den techneschen Unien haten d'Schüler esouguer d'Méiglechkeet sech divers Projete vun de Studenten un zekucken. D'Visite vun der Uni gouf mat engem Mëttegiessen an der Kantinn ofgeronnt. Nomëttes stoung ee bëssi Sightseeing vun der Stad um Programm an dobäi kruten d'Studenten allerlee nätzlech Tipps zum Studenteliewen. Weider Informatiounen zu de Reese ginn et op der Foire de l'Etudiant op de Stänn vun der ACEL an de Studentecercelen, mä awer och um Site www.acel.lu a via contact@acel.lu.

Op dëser Platz wëllt d'ACEL senge Partner, besonnesch Voyages Emile Weber, Merci soen, well ouni déi, d'ganz Organisatioun vun de Schülerreesen net méiglech gewiescht wär. Merci och un déi verschidden Studentecercelen déi ëmmer mat grousser Motivatioun de Projet ënnerstëtzen an de Schüler ee Bild vun hirer Uni an hirer Stad ginn.



FIR
STUDENT



ACEL BLOG
10. JUNI



SAUFEST

Och dëst Joer huet den LSW daat traditionellt Saufest organiséiert. Et war awer net e normaalt Saufest wei déi Joeren virdrun!

Den LSW huet seng 40 Joer gefeiert. Aus dësem Ulass ass och d'lëtzebuergesch Ambassade an LÖG (luxemburgisch-österreichische Gesellschaft) agelueden ginn e Patt drénken ze kommen.

Um 12 Auer ass et dunn lass gaang. Déi éischt Membere sinn ukomm a lues a lues huet sech d'Platz ëmmer méi gefällt. Glécklecherweis huet d'Wieder och matgespillt. Wéi de Numm et schonns seet, et ass e SAUfest. Dofir huet de Comité sech geduecht et wier flott fir de Gebuetsdag uerdentlech ze féieren, eng Sau ze bestellen. Memberen waren begeeschtert a kuerz drop war schonn näischt méi vun der Sau iwwreg.



BONNYMPIADE 2015

5 Equipen mat insgesamt 19 Athleten hun hei Gescheck,-Teamgeescht an Koordinatioun ënner Beweis gestallt. Hei dei 6 Spiller an der Iwwersicht:

NEEL AKLAPPEN Mat engem Rouer een Nool mat esou man wei méiglech Schlei an een Steck Holz aklappen

NUCKELEEMER Een Bechermat engemN uckeleemer fellen an desen Becher Slalom transportéieren.

FRISBY Mat engem Frisby iwert 4 verschidden Posten sou villwei meiglech Ronnen oofschleissen, andeems de Frisby vu Posten zu Posten geschoss gett.

MEMORY een Riesen-Memory Spill

SEEL-KETTEN mat engem Seel wat durch d'Kleeder vun ganzen Team gezunn gett,d'Teamverbannen an een Parcours oofschleissen

SCHUBKARREN-RENNEN Als Team sou seier wei meiglech 10 Ronnen mat enger menschlecher Schubkarr oofschleissen.



TOURNOI DE NOËL

Den „Tournoi de Noël“, gëtt all Joer am Dezember vun der ACEL an der LASEL organiséiert. Hei trieden d'lëtzebuergesch Studenten aus allen Stied am Fussball, Basket an Volleyball géinteneen un.

ACEL BLOG
24. DEZ



Och dëst Joër konnten sech d'Cerclen erem um traditionellen Tournoi de Noël ënner Beweis stellen. An der Kategorie Volleyball, Basket a Fussball hu 24 Cerclen hiert

Bescht ginn an dobäi nach déi eng oder aner Kalorië verbrannt.

D'ACEL huet d'Equippen an hir Supportere mat Bréidercher an Gedrénks gestärkt an d'Gewënnerequippen hunn och, wéi sech dat natierlech gehéiert (oder och net), ee Faass zum beschte ginn an hunn domadder den Dag flott ausklénge gelooss hunn. Mir gratuléieren heimatter dann och de Gewënnerekippen a besonnesch Köln fir hiren « Double ».

— VOLLEYBALL —



Köln



Oochen



Freiburg

— BASKETBALL —



Köln



Oochen



Wien

— FUSSBALL —



Uni.lu



München



Bastogne



Are you cut out for big challenges?

Luxembourg. Shape your future

It's your career. With an ever growing firm of now more than 1,700 employees and over 45 nationalities, Deloitte Luxembourg is one of the leading professional service organisations specialising in audit, tax, financial advisory and consulting. Our standards of high performance come from our focus on the continuous development of each individual in order to help you reach your full potential. This is because we believe our strength comes from our teams who strive to provide quality solutions for our clients. Start exploring new opportunities alongside the experts and discover where your talent takes you. **What will you make of it?**

Learn more about our firm and apply online at:
www.deloitte.com/lu/careers



Deloitte.



D'Lidderbuch App, elo um App Store fir dän iPhone

